LU

GEMENGEROT

# VUM 24. MEE 2024

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren, Cheryl Binck-Geschwind (CSV), Bonifas Larry (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Krecké Patrick (DP) Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) a Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

**Entschëllegt:** /

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour, mat Ausnam vun de Punkten 2.2., 6.2., 12, 14.4., 14.5. et 14.7. goufen eestëmmeg ugeholl.

## KOMMUNIKATIOUNEN

Den Här Guy Kohnen (CSV) deelt mat, datt den Office social zesumme mat der Croix Rouge, d'Statistike vun 2023 analyséiert hunn. D'Zuel vun den „Demandeurs d'Aide" ass signifikant zréck gaangen. An der Gemeng Kielen ass se allerdéngs liicht erop gaangen. Zu den Ursaache kéinten déi héich Loyeren dozou féieren dat d'Leit anzwousch anescht plënneren an och dat d'Assistante-socialle Consignë kritt hu fir d'Dossiere méi streng z'analyséieren, zumools wann et ëm d'Kontenauszich geet. 9 nei gelounte Wunnengen an der Gemeng Bartreng sinn zougesprach ginn.

Den Här Marc Bissen (LSAP) informéiert, datt d'Gemeng e Pilotprojet zesumme mam ACL ofgeschloss huet. Et gouf viru Joren eng Ufro vun der Mobilitéitskommissioun wou et ëm de Carsharing gaangen ass. Dono gouf eng Etude gemaach mat der Uni Lëtzebuerg a Workshops zu Kielen wou et ëm d'Mobilitéit gaangen ass. Hei ass erauskomm datt de Carsharing net déi éischt Prioritéit vun de Leit ass. Duerch de Projet Elmen ass de Besoin fir gedeelte Mobilitéit bei de Leit méi grouss ginn, well do Leit wunnen déi keen Auto hunn. De Kontakt ass mam ACL gemaach gi, well si fir Elmen schonn ee Carsharing Konzept proposéiert haten. D'Iddi ass fir ee Pilotprojet op Elmen ze maachen. D'MyElmen asbl ass bereet fir eis ze hëllefen eng Enquête bei den Awunner ze maachen an et gëtt eng intern Testphasen an der Gemeng. Iwwert d'Moovee-App kann den eegene Fuerpark ouni Schlëssele geréiert ginn. D'Testphase mat de Gefierer soll bis Ënn des Jores goen.

D'Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP) schwätzt vun den Zuele vun der UGDA. Eng Wochestonn fir d'Schouljoer 2024-25 läit bei 7.561,74€. Dëst ass eng Hausse vun 2,51%, déi op déi nei Graden an Échelonen zréckzeféierenass. De Budget previsionnel fir 2024-2025 beleeft sech ob 22.851.575,00€. Beim Syvicol fënnt den 10 Juni 2024 eng Informatiounsversammlung iwwert de rechtleche Volet wat d'Benotze vun Dronen ubelaangt fir d'Gemenge statt an eng Formatioun fir déi nei Kommissioun vum „Vivre ensemble culturel" gëtt ugebueden. Dann invitéiert d'Nathalie Noesen-Heintz ob de KUKI zu Kielen an op de Vernissage vun den Hobbykënschtler vun de Partnergemengen.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) deelt mat, datt de Premier Minister Luc Frieden Quartier Elmen besicht huet a positiv iwwerrascht war. D'Elterevesammlung iwwert d'Schoul am Quariter Elmen war en nëtzlechen Austausch. Zur Installatioun vun der Agri-PV-Anlag gouf eng Versammlung organiséiert wou och iwwert e méiglecht Wandrad diskutéiert gouf. De Bau vun der Agri-Pv-Anlag kann deemnächst ugefaange ginn. D'Wandrad ass nach net an der Phase vun der Autorisatioun well do mussen nach Kompensatiounsmoossnamen envisagéiert ginn. Et huet och eng Versammlung mam INPA (Institut national pour le patrimoine architectural) iwwert d'Klasséierung vun den Haiser stattfonnt an do gouf hiert neit Buch iwwert d'Gemeng virgestallt. An deem Kader gouf sech och dat alt Paschtoueschhaus zu Nouspelt ugekuckt, wat klasséiert ginn ass. D'Haus entsprécht awer net de Sécherheetsnormen an aus dem Grond kënne keng Visitte méi do stattfannen. Eng Renovatioun ass därzäit, wéi schonns ëfters erwäänt, aus finanzielle Grënn net méiglech.

## *1. Compromisen, Bail, Konventioun, Vetrag*

### *1.1. Compromis fir de Kaf vun enger Parzell an der „rue de Goeblange" zu Nouspelt (Madamm Layla Zaidi a den Här Fabrice Gauthier)*

Den 22 Mee 2024 huet d'Gemeng Kielen, vertrueden duerch hiere Schäfferot, de Compromis Nr. 2024/1/6/CM mat der Madamm Layla Zaidi an dem Här Fabrice Gauthier ënnerschriwwen. Duerch dëse Compromis verkeeft d'Gemeng Kielen der Madamm Layla Zaidi an dem Här Fabrice Gauthier d'Parzell Nr. 1996/4336, genannt „Plaz", mat enger Fläch vun 0,64 Ar, an der „rue de Goeblange" fir en Total vun 32.000€. Et ass wichteg ze erwänen, datt de Verkaf am Kader vun dem Reamenagement vun der „rue de Goeblange" zu Nouspelt stattfënnt, well déi concernéiert Parzell laanscht Parzell Nr. 1996/4334 déidem Keefer gehéiert, grenzt. De Gemengerot stëmmt deemno dësem Compromis zou.

### *1.2. Compromis fir de Verkaf vun enger Parzell an der „rue du Cimetière" zu Kielen (den Här De Vittori Roberto an d'Madamm Ceschin Emanuela)*

Den 22 Mee 2024 huet d'Gemeng Kielen, vertrueden duerch hiere Schäfferot, e Compromis Nr. 2024/1/4/CM mam Här De Vittori Roberto an der Madamm Ceschin Emanuela ënnerschriwwen. Duerch dëse Compromis keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell Nr. 1860/1XX, genannt „Plaz" , mat enger Fläch vun 1,08 Ar, an der „rue du Cimetière" , Deel vun der Parzell Nr. 1860/5647, fir en Total vu 5.980,00€ vum Här De Vittori Roberto an d'Madamm Ceschin Emanuela of. Et ass wichteg ze erwänen, datt de Verkaf am ëffentlechen Interesse stattfënnt, d.h. d'Fonge gi fir d'Regulariséierung vun den Emprisen am Kader vum Reamenagement vun der „rue du Cimetière" zu Kielen gebraucht. De Gemengerot stëmmt deemno dësem Compromis zou.

### *1.3. Festsall „Musekssall Kielen" zu Kielen – Bail emphytéotique*

Den 13 Mee 2024 huet d'Gemeng Kielen, vertrueden duerch hiere Schäfferot, e Bail emphytéotique mat der „Fanfare de Kehlen a.s.b.l." ënnerschriwwen, betreffend der Locatioun vun den Terraine mat enger Gesamtfläch vu 4,01 Ar an de Gebaier, dem Festsall an der Annex, genannt „MUSEKSSALL KIELEN". Et handelt sech ëm d'Parzell Nr. 1957/5233, Plaz, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Kielen, Sektioun A vu Kielen. D'Ofkommes bestëmmt d'Notzung vun dësen Infrastrukturen am ëffentlechen Interesse. De Gemengerot stëmmt deemno dësem Bail emphytéotique zou.

### *1.4. Festsall „Musekssall Kielen” zu Kielen – Konventioun fir den Ënnerhalt an a konform Setze vun der allgemenger an technescher Sécherheet*

Den 13 Mee 2024 huet d'Gemeng Kielen, vertrueden duerch hiere Schäfferot, eng Konventioun fir den Ënnerhalt an a konform Setze vun der allgemenger an technescher Sécherheet vum Festsall zu Kielen mat der „Fanfare de Kehlen a.s.b.l." ënnerschriwwen. Et ass wichteg ze erwänen, datt dës Aarbechte Follgendes ëmfaassen: direkten Zougang fir Leit mat reduzéierter Mobilitéit, d'Sanéierung vun den elektreschen Installatiounen, Heizungs- a Ventilatiounsanlagen, Renovatiounsaarbechten, technesch Installatiounen, déi technesch Receptiounen duerch en agreéierten Ingenieursbüro, d'Käschte vun den technesche Büroe souwéi onerwaart Depensë ëmfaassen. De Gemengerot stëmmt deemno dëser Konventioun zou.

### *1.5. Festsall „Musekssall Kielen" zu Kielen – Verlängerung an Avenant vum Vertrag fir Zougeständnes vum Recht fir op engem friemen Terrain ze bauen an ze planzen*

Den 19 Dezember 1994 huet d'Gemeng Kielen, vertrueden duerch hiere Schäfferot, e Vertrag fir en Zougeständnes vum Recht fir op engem friemen Terrain ze bauen an ze planzen, deen de 25 Januar 1995 vum Inneministère accordéiert gouf, mat der „Fanfare de Kehlen a.s.b.l." ënnerschriwwen. D'"Fanfare de Kehlen a.s.b.l." an de Schäfferot vun der Gemeng Kielen sinn sech eens ginn, dëse Vertrag net, wéi virgesi fir eng Dauer vun 10 Joer, mee bis de 24 Januar 2051 ze verlängeren. Dëst wéinst praktesche Grënn, well de Bail emphytéotique op dësem Datum ofleeft. Den 13 Mee 2024 gouf eng Verlängerung bzw. Ännerung ënnerschriwwen. De Gemengerot stëmmt deemno dëser Verlängerung zou.

## *2. Lotissementer*

### *2.1. Lotissement vu landwirtschaftlechen Terrainen zu Kielen*

Den 11 Abrëll 2024 huet den Här Roland Proess e Projet virgestallt, dee virgesäit d'Parzellen Nr. 570/5143 an 966/4758, Sektioun A vu Kielen, mat enger Gesamtfläch vun 244,15 Ar, am sougenannten "Unter Laschschinkel" a 4 Lousen ze splécken, fir e Projet am Kader vum Schutz fir d'Natur- an aner Ressourcen ze realiséieren. Deemno approuvéiert de Gemengerot de Projet fir dëst Lotissement.

### *2.2. Lotissement vun Terrainen an der sougenannter „Kräizhiel" zu Nouspelt*

De Geometerbüro GEOCAD s.à r.l. vu Lëtzebuerg huet e Projet fir e Lotissement am Optrag vun der Firma Kuhn Constructions S.A. ausgeschafft, dee virgesäit d'Grenzen tëscht de Parzellen Nr. 579/XXX1, 579/XXX2, 580/XXX3, 580/XXX4, 580/XXX5 a 580/XXX6, Sektioun C vun Nouspelt, an der sougenannter „Kräizhiel" ze redresséieren, ouni nei Parzellen ze schafen. De Gemengerot stëmmt och dësem Projet zou.

## *3. Ännerung vum PAG – „9 rue de Keispelt" zu Kielen*

An der Sëtzung vum 27 Oktober 2023 huet de Gemengerot decidéiert de Projet fir eng punktuell Ännerung vum PAG- „9 rue de Keispelt" zu Kielen anzeféieren. Dëse gouf, op Initiative vum Schäfferot, vum Ingenieursbüro Luxplan S.A. vu Conter ausgeschafft. D'Versioun vun Oktober 2023, ëmfaasst ënner anerem Beschreiwung vum Projet, d'Begrënnung, déi virbereedend Etüd, d'Grafik vum PAG an d'Presentatiounsfichen. D'Propositioun fir déi punktuell Ännerung vum PAG proposéiert d'Reklasséierung vum Gebai vun enger „construction à conserver" an e „gabarit d'une construction existante à préserver". De Gemengerot approuvéiert de Projet fir déi punktuell Ännerung vum PAG- „9 rue de Keispelt" zu Kielen. Dëst gouf, op Initiative vum Schäfferot, vum Ingenieursbüro Luxplan S.A. vu Conter an der Versioun vum Abrëll 2024 ausgeschafft.

## *4. Punktuell Ännerung vum PAP (MOPO PAP-QE) – „9 rue de Keispelt" zu Kielen*

Den Ingenieursbüro Luxplan S.A. vu Conter huet de Virschlag fir déi punktuell Ännerung vum PAP „quartier existant" – „9, rue de Keispelt" zu Kielen am Optrag vun der Gemengeverwaltung ausgeschafft. Dat nëmme fir de Plang mat der Ëmklasséierung vun der Konstruktioun op der Parzell Nr.1951/5354, aktuell klasséiert als „Konstruktioun déi ze erhalen ass" op „e Gabarit vun enger bestoender Konstruktioun déi ze erhalen ass". An der Sëtzung vum 25 Oktober 2023 huet de Schäfferot festgehalen, dass de Virschlag fir déi punktuell Ännerung vum PAP „quartier existant' – „9, rue de Keispelt" zu Kielen konform ass mam Projet fir déi punktuell Ännerung vum PAP – „9 rue de Keispelt" zu Kielen, dee mam Beschloss vum Gemengerot vum 27 Oktober 2023 festgehale gouf. An der Sëtzung vum 25 Oktober 2023 decidéiert de Schäfferot, de Virschlag fir déi punktuell Ännerung vum PAP „quartier existant" - „9, rue de Keispelt" zu Kielen an der Versioun vun Oktober 2023 anzereechen. Dëst mat ënner anerem enger Projetbeschreiwung, enger Begrënnung, an dem grafeschen Deel vum PAP-QE. De Gemengerot approuvéiert de Virschlag fir déi punktuell Ännerung vum PAP QE – „9 rue de Keispelt" zu Kielen, wéi e virgestallt gouf. Dëst mat ënner anerem enger Projetbeschreiwung, den Erklärungen zu den Adaptatiounen opgrond vum Avis vun der „Cellule d'Evaluation" vum Staat, d'Motivatioun, de Pläng vun der legaler Basis an der geplangter Situatioun, souwéi déi zesummefaassend Versioun vun de Pläng iwwert de Bestand.

## *5. Kommitee vum Jumelage – Nominatioun vu Membere*

D'Gemeng huet en Opruff fir Kandidature veréffentlecht an zwar fir d'Vertrieder vun de lokale Veräiner, vum Handel an Handwierk souwéi vu jonke Léit tëscht 16 a 25 Joer aus der Gemeng ze fanne mam Zil Member vum Kommitee vum Jumelage ze ginn. 8 Kandidature goufen agereecht:

- Marie-Anne KIEFFER-GIERES – Fanfare Kehlen
- Marc MAAS – Gaart an Heem Kielen/Olm
- Willy SUYS – Photothéik Kielen
- André GERGES – Frënn vum Brennereimusée
- Sarah DELCOURT – My Elmen asbl
- Olivia SPARAPANO – My Elmen asbl
- Marie-Jeanne SCHMIT – Gaart an Heem Kielen/Olm
- Nico HAMES – Cycles comiques Olm

Fir déi 8 fräi Poste bezüglech de lokale Veräiner goufen 8 Kandidature agereecht. Et war also kee Vote fir hir eng Nominatioun néideg. Kee Kandidat fir Vertrieder vum Handel an Handwierk sou wéi jonke Léit tëscht 16 a 25 Joer aus der Gemeng huet sech gemellt.

De Comité de Jumelage setzt sech wéi follgendermoossen zesummen:

| | |
|---|---|
| Politesch Partei CSV | Lucien KOCH |
| Politesch Partei LSAP | Anne ZEIHEN |
| Politesch Partei DP | Maryse FRANTZEN |
| Politesch Partei déi gréng | Josette CLEMENS |
| Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen | Natacha KOCH |
| Schoulkommissioun | Guy BREDEN |
| Kulturkommissioun | Kevin URBING |
| Sportskommissioun | Massimo REGNO |
| Lokal Veräiner | Marie-Anne KIEFFER-GIERES, Fanfare Kehlen |
| | Marc MAAS, Gaart an Heem Kielen/Olm |
| | Willy SUYS, Photothéik |
| | Nico HAMES, Cycles comiques Olm |
| | André GERGES, Frënn vum Brennereimusée |
| | Marie-Jeanne SCHMIT, Gaart an Heem Kielen/Olm |
| | Sarah DELCOURT, My Elmen asbl |
| | Olivia SPARAPANO, My Elmen asbl |
| Handel an Handwierk | vakant |
| Jonker 16-25 ans | vakant |
| Léierpersonal | Anouk SCHINTGEN |
| CGDIS | Kevin MACIEL DOS SANTOS |

## *6. Consultativ Kommissioune vun der Gemeng*

### *6.1. Ëmwelt- an Energiekommissioun: Demissioun vun engem Member*

Unhand vu sengem Bréif vum 23 Mee 2024, huet den Här Roger Schauls vu Keespelt seng Demissioun als neutrale Member vun der Ëmwelt- an Energiekommissioun agereecht. De Gemengerot approuvéiert dës Demissioun. D'Kommissioun setzt sech follgendermoossen zesummen:

| N° | Numm / Virnumm | | Fonctioun | Lokalitéit |
|---|---|---|---|---|
| 1 | BREDEN Guy | CSV | President | Kielen |
| 2 | BINCK-GESCHWIND Cheryl | CSV | Member | Kielen |
| 3 | BIVER Alain | CSV | Member | Kielen |
| 4 | *vakant* | LSAP | Sekretär | |
| 5 | BLEI Joël | LSAP | Member | Kielen |
| 6 | FRANTZEN Maryse | DP | Member | Olm |
| 7 | SCHMITZ Jean-Claude | déi gréng | Member | Olm |
| 8 | LANNERS Marc | Neutral | Member | Nouspelt |
| 9 | PICARD Marc | Neutral | Member | Keespelt |
| 10 | SCHLEISER Franz | Neutral | Member | Kielen |
| 11 | PELLER Franky | Neutral | Member | Keespelt |
| 12 | SCHROEDER Claude | Neutral | Member | Kielen |
| 13 | *vakant* | Neutral | Member | |

### *6.2. Consultativ Kommissioun fir sozial Inclusioun a Biergerbedeelegung – Nominatioun vu Membere*

Aktuell sinn dräi neutral Poste bannent der consultativer Kommissioun fir sozial Inclusioun a Biergerbedeelegung vakant. Véier Kandidature goufe beim Sekretariat vun der Gemeng agereecht: an zwar den Här Massimo REGNO vun Olm, d'Madamm Marie-Claire LINK vun Nouspelt, den Här Momar Tallar SOW vu Kielen an déi vum Här Paul MARTIN vu Kielen. De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott déi dräi neutral Membere fir d'Kommissioun, déi sech wéi deemno follgendermoossen zesummesetzt:

| N° | Numm / Virnumm | | Fonctioun | Lokalitéit |
|---|---|---|---|---|
| 1 | JUNG Norbert | CSV | Sekretär | Nouspelt |
| 2 | KOHNEN Guy | CSV | Member | Nouspelt |
| 3 | MASSARD Sandrine | CSV | Member | Keespelt |
| 4 | REHLINGER Sandra | LSAP | President | Kielen |
| 5 | BACK Joan | LSAP | Member | Olm |
| 6 | CASEY Wendy | DP | Member | Keespelt |
| 7 | BONIFAS Larry | déi gréng | Member | Nouspelt |
| 8 | PEREIRA-PACIOTTI Patrizia | Neutral | Member | Olm |
| 9 | LIESCH Camille | Neutral | Member | Olm |
| 10 | RIEDEL-MAHR Nora | Neutral | Member | Keespelt |
| 11 | LINK Marie-Claire | Neutral | Member | Nouspelt |
| 12 | SOW Momar Tallar | Neutral | Member | Kielen |
| 13 | MARTIN Paul | Neutral | Member | Kielen |

### *7. UGDA (Union Grand-Duc Adolphe) – Subventioun fir d'Aktiounen 2024*

Unhand vun hirem Bréif vum 17 Abréll 2024 freet „Union Grand-Duc Adolphe (UGDA) a.s.b.l.", déi d'Férderung vun der Chorale an instrumental Musek zum Zil huet, wéinst der Organisatioun vu verschiddenen Evenementer am Joer 2024 ëm e Subsid a Form vun engem Bäitrëtt vu 25 Euro fir de „Comité d'honneur" oder 50 Euro fir de „Comité de patronage". Doropshi proposéiert de Schäfferot der UGDA 50 Euro ze spenden, fir Member am „Comité de patronage" ze ginn. De Gemengerot approuvéiert dëse Subsid an der Héicht vu 50 Euro.

### *8. Spenden als Ersatz fir Kaddoen am Kader vu Gebuerten, vu Geburtsdeeg an Hochzäiten*

De Schäfferot huet a senger Sëtzung vum 05 Juli 2023, d'Tariffer vun de Blummenarrangementer fir Kaddoen am Kader vu Geburtsdeeg an Hochzäiten:

- Gebuertsdag 80 Joer 60,00€
- Gebuertsdag 85 Joer 70,00€
- Gebuertsdag 90 Joer 90,00€
- Gebuertsdag 95 Joer 100,00€
- Gebuertsdag 100 Joer 125,00€
- Gëllen Hochzäit (50 Joer) 75,00€
- Diamanten Hochzäit (60 Joer) 90,00€
- D'Ouverture vun engem Geschäft 75,00€

An dësem Kontext huet de Schäfferot d'Initiativ geholl, de Begënschtegte virzeschloen, op d'Blummen oder Kaddoen ze verzichten an den equivalente Wäert un eng karitativ Associatioun vun hirer Wiel ze spenden. Verschidde Persounen hunn dës Méiglechkeet genotzt, fir op d'Blummen oder Kaddoen ze verzichten, an d'Gemeng huet aplaz dofir en Don un eng karitativ Associatioun gemaach, déi d'Léit erausgesicht hunn.

| **Mariages** | | | |
|---|---|---|---|
| **Noms & Prénoms** | **Années de mariage** | **Association demandée** | **Montant** |
| Engel Léon-Hoffman Liliane | 60 | Fondation Cancer Luxembourg asbl | 80,00 € |
| Wagner Alphonse Ernest-Dentzer Marie-Josée Christine | 60 | Fondation Cancer Luxembourg asbl | 80,00 € |
| Wracken Jeannot-Fiegen Colette | 50 | Fondation Kriibskrank Kanner | 70,00 € |

| **Anniversaires** | | | |
|---|---|---|---|
| **Noms & Prénoms** | **Anniversaire** | **Association demandée** | **Montant** |
| Peiffer Rodolphe | 80 | Parkinson Luxembourg asbl | 70,00 € |
| Marx Henri | 80 | Fondation Kriibskrank Kanner | 70,00 € |
| Bonifas Elisabeth | 80 | Télévie Luxembourg asbl | 70,00 € |
| Reichling Joseph | 80 | Fondation Kriibskrank Kanner | 70,00 € |
| Weis Edmond | 80 | Parkinson Luxembourg asbl | 70,00 € |
| Akalin Atilla | 80 | Fondation Kriibskrank Kanner | 70,00 € |
| Lortet Lucienne | 90 | Fondation Kriibskrank Kanner | 90,00 € |
| Lies Jean | 85 | Médecins Sans Frontières Luxembourg asbl | 80,00 € |
| | | **Total** | **820,00€** |

Dofir stëmmt de Gemengerot déi follgend Subside fir national an international humanitär Associatiounen a Veräiner:

| **Association** | **Forme juridique** | **Article budgétaire** | **Montant** |
|---|---|---|---|
| Fondation Cancer Luxembourg asbl | ASBL | 3/192/615100/99001 | 160,00 € |
| Fondation Kriibskrank Kanner | ASBL | 3/192/615100/99001 | 370,00 € |
| Parkinson Luxembourg asbl | ASBL | 3/192/615100/99001 | 140,00 € |
| Télévie Luxembourg asbl | ASBL | 3/192/615100/99001 | 70,00 € |
| Médecins Sans Frontières Luxembourg asbl | ONG | 3/191/648110/99001 | 80,00 € |

### *9. Kommunalen Erzéiungs an Empfangdéngscht fir Kanner*

#### *9.1. SEA - Kreatioun vu 5 Poste vu Gemengebeamten an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

Wéinst der aktueller Personalsituatioun, wat Demissiounen, Krankeschäiner, verlängert Congé de Maternitéen a Congé-parentallen ugeet, an och wéinst dem weidere Wuesstum vun der Zuel vun ageschriwwenen Kanner an der Maison Relais zu Kielen an zu Ollem fir d'Schouljoer 2024-2025, ass et noutwendeg, fir 5 Poste vu Gemengebeamten an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales, ze schafen, dëst fir de Fonctionnement vun der Betreiungsstruktur ze garantéieren.

#### *9.2. SEA– D'Schafung vun engem Poste vun engem Gemengebeamten an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (fréiere graduéierten Educateur)*

No der Decisioun vum Schäfferot fir an all SEA-Infrastruktur en Direktiounsbeamten anzestellen, besonnesch fir déi nei Maison Relais zu Elmen, schaaft de Gemengerot e Poste vun engem Gemengebeamte fir d'Betreiungsstrukturen an der Gemeng Kielen an

der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (fréiere graduéierten Educateur).

### 10. Akaf vun engem Gefier – Leasing

De Schäfferot schléit vir, en elektrescht Gefier fir de Bedarf vum techneschen Déngscht duerch e Leasing ze kafen. De Montant vum Finanzleasing fir d'elektrescht Gefier beleeft sech no enger Präisofferte op 28.407,77€ HTVA (31.918,22€ TTC). Fir dëse Leasing ze verbuchen, ass et néideg, eng Modifikatioun vum Budget duerchzeféieren, déi d'Schafung vum néidege Budgetsartikel ëmfaasst. Zousätzlech proposéiert de Schäfferot, op eng Ausschreiwungsprozedur zeréckzegräifen, well de Maartwäert op 28.407,77€ HTVA geschat gëtt. An deem Kontext stëmmt de Gemengerot enger Ausschreiwung fir dësen Akaf an enger Modifikatioun vum Budget zou.

### 11. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

De Gemengerot confirméiert follgend Verkéiersreglementer:

- an der „rue d'Olm" zu Kielen fir d'Verleeën vu Glasfaser vun der Post vum 10 Mee 2024 bis de 14 Juni 2024;
- an der „rue de Nospelt" zu Kielen fir d'Verleeën vu Glasfaser vun der Post vum 10 Mee 2024 bis de 14 Juni 2024;
- an der Strooss „Am Schaarfeneck" zu Kielen bei der Hausnummer 10 an an der Strooss „A Bäichel" zu Kielen fir d'Verleeën vu Glasfaser vun der Post vum 13 Mee 2024 bis de 14 Juni 2024;
- an der Strooss „An der Gässel" zu Kielen fir d'Verleeën vu Glasfaser vun der Post vum 16 Mee 2024 bis de 14 Juni 2024;

### 12. De Bau vun neie Vestiairë mat Buvette an Annexen um Stade Albert Berchem zu Kielen – Devis a zousätzleche Kredit

Den 22 Abrëll 2024 huet den Architektebüro abplus s.a. en iwwerschafften zousätzlechen Devis fir de Bau vun neie Vestiairë mat Buvette an Annexen um Stade Albert Berchem zu Kielen ausgestallt, deen sech op 6.906.358,90€ beleeft. Zousätzlech dozou kommen d'Käschte vu verschiddene net virgesinnen Aarbechte ronderëm de Bau am Montant vu 790.529,80€, wat e Gesamtbetrag vu 7.696.888,70€ ergëtt. Déi zousätzlech Käschten si gerechtfäerdegt, ënner anerem duerch d'Liwwerung vun de Miwwel, d'Haaptstroumverbindung, d'Amenagement vun der Ëmgéigend, d'Realiséierung vun enger Plattform fir en Zelt, d'allgemeng Präisdeierecht an déi net virgesinnen Aarbechten. De Gemengerot stëmmt deem revidéierten Devis zou a stëmmt en zousätzleche Kredit vun 1.000.000,00€.

## NET ËFFENTLECH SITZUNG

### 13. Kommunalen Erzéiungs an Empfangdéngscht fir Kanner

#### 13.1. Attributioun vun der Indemnitéit fir d'Begleedung wärend der beruflecher Praxis vun Stagiairen

De Gemengerot decidéiert, d'Indemnitéiten déi wärend dem Joer 2023 fir d'Begleedung wärend der beruflecher Praxis vun Stagiairen déi verschidde Beamten zougewise goufen, nei ze verginn.

#### 13.2. Ufro op d'Pensioun vun engem Gemengebeamten an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot akzeptéiert d'Demissioun vun de Funktioune vun engem Gemengebeamte beim SEA an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Edukativ a Psycho-Soziales, ab dem 01 Oktober 2024 fir säi Recht op Pensioun geltend ze maachen. Dëst mat engem grousse Merci fir seng gutt an trei Déngschter.

#### 13.3. Nominatioun vun engem Gemengebeamten an der Indemnitéitskategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Edukativ a Psycho-Soziales

No engem geheime Vott ernennt de Gemengerot e Gemengebeamten an der Indemnitéitskategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales fir d'Betreiungsstrukture vun der Gemeng Kielen mat enger variabeler Tâche tëscht 20 bis 30 Stonnen d'Woch, mat engem CDI.

#### 13.4. Nominatioun vun engem Gemengebeamten an der Indemnitéitskategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Edukativ a Psycho-Soziales (Diploméierten Educateur)

No engem geheime Vott ernennt de Gemengerot en diploméierten Educateur fir d'Betreiungsstrukture vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vun 90% (36 Stonnen d'Woch) ënnert dem Statut vum Gemengebeamten, mat engem CDI.

#### 13.5. Klassement vun engem Gemengebeamten an der Indemnitéitskategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Edukativ a Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28 Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengebeamten, d'Klassement vun engem Gemengebeamten an der Indemnitéitskategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Edukativ a Psycho-Soziales.

### 14. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen

#### 14.1. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C2-4 2p SUR 100% A 24-25)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lëscht op engem vun den zwee fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C2-4 2p SUR 100% A 24-25) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

#### 14.2. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C2-4 2p SUR 100% A 24-25)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lëscht op engem vun den zwee fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C2-4 2p SUR 100% A 24-25) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

#### 14.3. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C2-4 1p SUR 100%)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lëscht op de fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C2-4 1p SUR 100%) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

#### 14.4. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C2-4 1p SUR 75%)

No engem geheime Vott deelt de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend mat, datt kee Kandidat vun der éischter Lëscht fir de fräie Poste (C2-4 1p SUR 75%) gewielt gouf an de Poste weiderhi vakant bleift.

#### 14.5. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C2-4 2p 100%)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter

Lëscht op engem vun den zwee fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C2-4 2p 100%) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

### 14.6. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C2-4 2p 100%)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lëscht op engem vun den zwee fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C2-4 2p 100%) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

### 14.7. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (poste éducateur, 2è intervenant précoce 2p)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lëscht op engem vun den zwee fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (poste éducateur, 2è intervenant précoce 2p) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

### 14.8. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (poste éducateur, 2è intervenant précoce 2p)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lëscht op engem vun den zwee fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (poste éducateur, 2è intervenant précoce 2p) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

### 14.9. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C1 5p 100% A 24-25)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lëscht op ee vun de fënnef fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C1 5p 100% A 24-25) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

### 14.10. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C1 5p 100% A 24-25)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lëscht op ee vun de fënnef fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C1 5p 100% A 24-25) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

### 14.11. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C1 5p 100% A 24-25)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lëscht op ee vun de fënnef fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C1 5p 100% A 24-25) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

### 14.12. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C1 5p 100% A 24-25)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lëscht op ee vun de fënnef fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C1 5p 100% A 24-25) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

### 14.13. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C1 5p 100% A 24-25)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lëscht op ee vun de fënnef fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C1 5p 100% A 24-25) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

### 14.14. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C2-4 3p 100% A 24-25)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lëscht op ee vun de dräi fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C2-4 3p 100% A 24-25) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

### 14.15. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C2-4 3p 100% A 24-25)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lëscht op ee vun de dräi fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C2-4 3p 100% A 24-25) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

### 14.16. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C2-4 3p 100% A 24-25)

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat op ee vun de dräi fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C2-4 3p 100% A 24-25) ab dem Schouljoer 2024/2025 ze reaffektéieren.

### 14.17. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen (C1 1p SUR 50% A 24-25)

De Gemengerot hëlt zur Kenntnis, datt keng Kandidatur fir de fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (C1 1p SUR 50% A 24-25) agereecht gouf an de Poste weiderhi vakant bleift.

## 15. D'Gemeng Kielen - Demissioun vun engem Gemengebeamten aus der Kategorie B, Loungrupp B1 (fréiere Redakter)

De Gemengerot akzeptéiert Demissioun vun engem Gemengebeamten aus der Traitementsgrupp B1 (fréiere Redakter), an der administrativer Ënnergrupp bei der Gemeng Kielen ab dem 01 Oktober 2024 mat engem Merci fir seng gutt a loyal Déngschter.